N°1796
Entrée le 16.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Den 13. Mäerz 2024 huet Greenpeace Lëtzebuerg eng Plainte beim OECD National Contact Point (NCP) géint de Fonds de Compensation SICAV-FIS (FDC SICAV-FIS) agereecht. D'Plainte bezitt sech op d'Investissementer vum FDC SICAV-FIS, déi laut Greenpeace net mat den OECD-Richtlinne fir multinational Entreprisen am Beräich vun Ëmwelt, Mënscherechter, Konsumenteninteressen an Informatiounsflichten am Aklang stinn.

De Point de Contact National huet a senger initialer Evaluatioun festgestallt, datt de FDC SICAV-FIS als Entreprise ënner d'OECD-Richtlinne fält an et e suffisante Lien tëschent den Aktivitéite vum FDC SICAV-FIS an de vu Greenpeace opgewise Problemer gëtt. Trotzdeem huet de FDC d'Mediatiounspropos vum Point de Contact National ofgeleent, well en d'Qualifikatioun vum SICAV-FIS als multinational Entreprise contestéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert de Minister d'Decisioun vum FDC, d'Mediatioun duerch den NCP ofzeleenen?

2. Wéi eng Moyene stinn der Regierung zur Verfügung fir de FDC dozou ze beweegen, seng Responsabilitéit am Kader vun den OECD-Richtlinnen unzeerkennen?

3. Ass de Minister bereet, sech dofir anzesetzen datt de FDC seng Positioun iwwerdenkt an un enger Mediatioun deelhëlt?

4. Gesäit de Minister eng Méiglechkeet fir en Dialog tëschent dem FDC an den ONGen iwwert d'Nohaltegkeetsstrategie vum Fonds ze organiséieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten